N°1976
Entrée le 26.02.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 27.02.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25/02/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Wirtschaft & Landwirtschaft, Ernährung a Wäibau weiderzeleeden.**

Eng staatlech unerkannten Déierenassociatioun huet op de soziale Medien eng Foto vun engem klengen Hamster veröffentlecht, dem et siichtbar net gutt goung. Am Post gëtt erkläert, dass den Hamster net bei de Veterinär bruecht gouf, mee einfach am Geschäft - engem Baumarkt - op eegen Initiativ "euthanaséiert" gouf.

D'Déiereschutzgesetz vun 2018 schreift kloer vir, dass d'Déieren net dierfen doud gemaach ginn ouni am Viraus betäubt ze sinn. Wien een Déier ouni Betäubung dout mécht, kann mat enger Prisongsstrof vun bis zu 3 Joer oder enger Geldstrof vun bis zu 200.000€ bestrooft ginn. D'groussherzoglech Reglement vum 5ten Dezember 2018 gesäit vir, dass engem Déier, deem et net gutt geet, geholléf muss ginn.

D'Geschäft, wou anscheinend "Fachkräfte" schaffen, déi sech mam Déierewuel missten auskennen, hätte kéinten op ee Veterinär zeréckgräifen. Dat gouf awer net gemaach. Warscheinlech, well dat Méikäschten mat ech bruecht hätt, déi een an enger Profitlogik, wou een Déier ee Produit ass, Sue verluer hätt.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Dierf d'Personal an engem Baumarkt een Déier dout maachen?
   Falls jo, wéi gëtt kontrolléiert, dass d'Schutzmoossnamen vum Déiereschutzgesetz agehale ginn?

2. Wéi eng Bedingungen muss ee Baumarkt erfëllen, fir Déieren dierfen ze verkafen?
   Wéi eng Qualifikatiounen oder Agrémenten muss d'Verkafspersonal hunn, fir lieweg Déieren dierfen ze verkafen?

3. Wéi vill Déieren sinn 2022, 2023 an 2024 an esou Geschäfter gestuerwen? (Aanechters gefrot: wéi vill Déieren goufen comptabelstechnesch als "Perte" deklaréiert?)

4. Wäert dës Regierung sech dofir asetzen, dass de Verkaf vu liewegen Déieren a Baumäärt, wou donieft nach Faarwen, Schrauwen an Dünger verkaf ginn, ophällt?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten